**Le caractère urgent de la question a été reconnu (10.12.2020)**

n° 3273

Här Fernand Etgen
President vun der Chamber

Lëtzebuerg, den 10. Dezember 2020

REÇU
Par Alff Christian , 11:11, 10/12/2020

Här President,

Esou ewéi den Artikel 84 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden Iech, dës drénglech parlamentaresch Fro un den d'Madamm Minister fir Gesondheet weider ze leeden.

Mengen Informatiounen no goufen elo am Centre Hospitalier du Nord (CHdN) all geplangten Operatiounen ofgesot. D'Leit musse waarde bis si akut Symptomer hunn wéi Féiwer oder Infektiounen an da ginn si iwwer d'Urgence en Charge geholl. Sollt an deem Moment nach eng COVID-Infektioun dobäi kommen, gëtt de Risiko vun engem schwéiere Krankheetsverlaf méi grouss.

An dësem Kontext géif ech gäre folgend Froen un d'Regierung stellen:

1. Kann d'Regierung dës Informatioune bestätegen?
2. Wéi ass d'Situatioun an den anere Spideeler am Land?
3. Wéi vill Retarde bei Operatioune ginn et säit Mäerz an eise Spideeler? Wéi vill Operatioune goufen an Tëschenzäit nogeholl a wéi vill stinn der nach aus?
4. Fir wat ginn dës Operatiounen elo ofgesot? Ass dat op e Bettemangel an de Spideeler zréck ze féieren oder op eng Penurie vu Personal?
5. Wéi vill Personal aus de Spideeler ass am Moment selwer krank a wéi vill Ausfäll gëtt et dowéinst? Ass gewosst wou si sech infizéiert hunn, am Privaten oder op der Aarbecht?

Här President, ech bieden Iech mäin déifste Respekt unzehuelen.

Martine Hansen
Deputéiert

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Santé

Monsieur le Ministre
aux Relations avec le Parlement
5, rue Plaetis
L-2338 Luxembourg

REÇU
Par Alff Christian , 09:30, 15/12/2020

Luxembourg, le 15 décembre 2020

**Réf. :** 835x960db

**Concerne:** Question parlementaire urgente n° 3273 du 10 décembre 2020 de Madame la Députée Martine Hansen

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous faire parvenir en annexe une réponse complétée de la Ministre de la Santé à la question parlementaire urgente n° 3273 du 10 décembre 2020 de Madame la Députée Martine Hansen concernant les "Capacités des hôpitaux".

Veuillez agréer, Monsieur le Ministre, l'assurance de ma considération très distinguée.

Pour la Ministre de la Santé,

Anne Calteux
Premier conseiller de gouvernement

137-000010-20040525-FR

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Santé

**Réponse complétée de Madame la Ministre de la Santé à la question parlementaire urgente n° 3273 du 10 décembre 2020 de Madame la Députée Martine Hansen concernant les "Capacités des hôpitaux".**

De Grupp de travail "hospitalier" vun der Cellule de crise ass Dag deeglech am Kontakt mat den Direktioune vun de jeeweilege Spideeler. An dem Kader sinn ech och informéiert ginn, dass de CHDN vun haut un aus temporaire Mesure seng chirurgesch Aktivitéit géif fir e puer Wochen (bis Ufank vum Joer 2021 am Prinzip) op déi urgent an nët déprogrammabel Chirurgie konzentréieren fir justement dat néidegt Fleegepersonal zur Verfügung ze hunn notamment an de Soins intensifs, mee awer och fir engem Deel vun dem Fleegepersonal et ze erméiglechen sech ze erhuelen no Wochen intensiver Aarbeschtslaascht.

Dës Mesure ass zwëschen der Direktioun an dem Conseil médical vum CHdN ofgeschwat an ass wéi gesot eng temporaire Mesure.

Allgemeng befannen d'Spideeler sech an der Phase 4 vum Plan de montée en charge deen eng Déprogrammatioun vun Aktivitéite mat sech bréngt, déi esou wuel op intern wéi extern Grënn zeréck ze féieren ass.

D'Entscheedung, ob eng Operatioun stattfënnt oder verréckelt gëtt, gëtt vum Dokter, no Récksprooch mam Patient, geholl an ett leien de Spideeler dofir keng detailléiert systematesch Donnéeën dozou vir . Et ass awer gewosst, dass et eng Diminutioun vun de chirurgescher Aktivitéit gëtt, déi zwëschen 14,5% an 50% leit, wann een d'Woch vum 2. bis 8. Dezember 2019 mat der Woch vum 30. November bis 6. Dezember 2020 vergläicht.

Déi intern Grënn fir eng Déprogrammatioun vun der chirurgescher Aktivitéit kënne villfälteg sinn: e Manktem vu qualifizéiertem Personal (Krankheet, Isolement, quarantaine), eng Restrukturatioun a Reaffectatioun vun den Unités de soins, vun den Aktivitéiten an vum Personal wann eng klassesch Unitéit an eng Covid- Unitéit verwandelt gëtt, eng « Sanctuarisation » vun engem Spidolsite den een Covid-fräi hale wëllt.
Déi extern Grënn fir eng Déprogrammatioun sinn ënnert anerem, dass an de Wardezëmmeren an an de Salle d'examen Distanciatioun a generell am Spidol déi vun der Pandémie gefuerdert méi streng Hygiènes Regelen musse respektéiert ginn (Desinfizéiere vun de Räim, den Equipementer etc). Et muss och bemierkt ginn, dass eng Rëtsch Patienten aus diverse Grënn (Angschtgefill, well si a Quarantaine sinn etc) selwer hir Operatioun ofsoen.

Op den 8. Dezember 2020 hunn 586 Persounen vum ganze Personal (Dokteren, professionnels de santé an anert Personal) am Spidolswiesen gefeelt aus diverse Grënn (Krankheet, Quarantaine, Isolement, Dispense de travail op Grond vun enger Schwangerschaft, Congé pur raisons familiales, Dispenses de travail pour personnes vulnérables.)

Wéi aus den Wochenretrospectiven vun de leschten Méint ervirgeet, ass ett mëttlerweil an de meeschte Fäll schwéier genau nozevollzéihen wéi a wou d'Leit sech ugestach hunn. Dëst gëllt och fir d'Personal aus dem Spidolswiesen, dëst ëmsou méi wéi d'Datebank ett nett erlabt, en Ennerscheed ze machen tëscht Personal wat am Spidol schafft an Personal wat am Secteur extrahospitalier schafft.